PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

D'Déiereschutzorganisatioun *Amiavy asbl* beriicht an engem Post vum 27te Mee 2022 op de soziale Medien dovunner, dass rezent ee Bauerenhaff zougemaach gouf, wou Déiere jorelaang ënnert onwierdege Bedingungen hu misste liewen. D'Fotoe weise knaschteg Fudderstellen an ofgemagert Déieren. D'Awunner vun dësem Duerf hunn sech jorelaang fir d'Schléissung vun dësem Bauerebetrib agesat, deen trotz dësen Ëmstänn weiderhin Mëllech u Molkereie geliwwert huet.

D'Associatioun informéiert, dass dës Liewensbedingungen um Bauerenhaff den Autoritéiten (Police a Veterinärsinspektioun?) zënter 6 Joer bekannt war, bis d'Justiz viru kuerzem hei de Betrib zougemaach huet. Et ass onerklärlech, dass trotz manifesten Mëssstänn et esou laang huet missten daueren, bis d'Autoritéiten de Bauerenhaff zougemaacht hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat huet d'Schléissung vun dësem Bauerenhaff 6 Joer gedauert?
2. Wéi vill Betrieber sinn aktuell an der Prozedur, fir zougemaach ze ginn?
3. Wéi gesäit d'Prozedur aus, wann ee Baueren- oder Ziichterbetrieb d'Déierewuel net méi garantéiere kann?
4. Wéi eng Kompetenzen huet d'Veterinärsinspektioun, fir an esou Fäll direkt den Déiere kënnen ze hëllefen?
5. Wéi vill Kontrolle vu Bauerenhäff goufen et vun der Veterinärsinspektioun an de vergaangene 4 Joer gemaach?
   Wéi vill Verstéiss goufen an deem Zäitraum géint Déiereschutzgesetz festgestallt?
6. Wéi eng Opfangsstrukturen existéieren hei am Land oder am noen Ausland fir Déieren, déi vun engem Bauerenhaff oder eng Ziichterei beschlagnaamt ginn? Falls

keng existéieren, wou wier et opportun där ze hunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député